Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Hären

Als aller éischt wëll ech dem Schäfferot wéi och allen Mataarbechter Merci soen fir d'Opstellung vun dësem, ausgeglachenen a wäitsichtegen Budget den ganz kloer d'Resultat vun enger responsabeler Politik ass. Och e grousse Merci un d'Christiane Streef, fir säin Rapport.

Am Budget fir d'Joer 2025 stinn Investissementer déi eng kloer a logesch Kontinuitéit vun de Budgeten aus der Vergaangenheet opweist. En ënnersträicht d'Resultater an och d'Richtung vun enger wuel iwwerluechter Politik an dëst zum Wuel fir d'Matbierger vun allen Altersgruppen. Et ginn awer och schonns richteg a wichteg Wäiche fir grouss Projeten gestallt déi réischt an e puer Joer realiséiert ginn. Déi nei Kläranlag ass hei e gutt Beispill.

D'Wäitsiichtegkeet vun der aktueller Koalitioun awer och vun den Verantwortlechen déi an der Vergaangenheet wichteg Entscheedungen am Beräich vun den Investissiounen an diversen Bauprojeten getraff hunn droen zum Erfolleg an zur positiver Entwécklung vun onser beléifter Gemeng bäi.

Esou konnten ganz vill nei Infrastrukturen gebaut, respektiv bestoend Gebaier sanéiert ginn. Den Awunner wéi och den Gemengarbechter stinn esou modern, qualitativ héichwäerteg, funktionell an energieeffizient Gebaier a ganz villen Beräich wéi z.B. de Schoulen, dem Sport, der Fräizäit, de Bureauen, de Wunnengen oder an der Kultur zur Verfügung. Dat heibäi d'Gemeng Hesper Scholde fräi do steet ass keng Selbstverständlechkeet, mäi d'Resultat vun enger virsiichteger a raisonnabeler Politik wéi se schonns an de leschte Joren praktizéiert gouf.

De Budget fir 2025 weist d'Kontinuitéit an och de Wëllen, fir weiderhin considérabel Investitiounen ze maachen an och fir laangfristeg geplangten Projeten ëmzesetzen.
Bei der Analyse kann een festhalen dat d'Investitiounen an déi néideg Infrastrukture am Héisch- wéi och an Déifbau  wéi z.B. Schoulen , Logement a Stroossebau weiderhin imposant sinn.

Déi onzoumuttbar Verkéierssituatioun an déi héich Belaaschtungen fir ons Awunner wéinst dem villen Duerchgangsverkéier kann sécher nëmmen mat Hëllef vum Contournement verbessert ginn. Dëst ass awer e Projet den an der Hand vum Staat läit an d'Gemeng kann hei nëmmen Drock ausüben dat de Contournement esou séier wéi méiglech Realitéit gëtt.

Mat dësem Budget ënnersträicht de Schäfferot de Wëllen fir weiderhin wichteg Akzenter am Beräich Mobilitéit ze setzen a mécht dat wat selwer an der Gemeng verbessert ka ginn.

Erlaabt mir fir nëmmen e puer vun de sëllesche Projeten ervirzehiewen.

De virëschte Schäfferot hat schonns e Programm vun 4 Vëlospisten mat ronn 10km an enger Ënnerféierung ausgeschafft. D'Ënnerféierung konnt dat lescht Joer ageweit ginn an d'Vëlospiste zu Izeg déi op 1,7km vum Predigerberg erof bei d'Uelzecht féiert wäert virum nächste Summer fäerdeg gestallt ginn. De Budget weist och déi néideg Zommen op fir dat och un deenen aneren Vëlospisten weider geschafft ka ginn.

De Lift op den Holleschbierg stellt eben falls e wichtegt Puzzlestéck fir déi douce Mobilitéit duer. Heivunner kënnen net nëmmen d'Foussgänger profitéieren mee och d'Vëlosfuerer déi

dann d’Méiglechkeet hunn a Sécherheet weider a Richtung Izeger Plateau ze fueren fir esou d’Geforen an der Rue d’Izeg oder der Rue de Hesperange ze vermeiden.

D’Investissementer an d’Elektromobilitéit ginn weider héich gehalen. De Carsharing Flex soll eng zousätzlech Statioun um Houwald kréien an de Projet op der Place Jomé gëtt mat opgeholl. Eben falls ass den Ausbau vun de Vel’OH Statiounen virgesinn. Entspriechend dem Bedarf vun den Awunner soll deen schonns am Fréijoer 2023 agefouerte Citybus ausgebaut ginn.

All ons hëlzen Foussgänger Brécken iwwert d’Uelzecht ginn erneiert rsp méi sécher gemaach.

Fir d’Matbierger mat kierperlecher Beanträchtegungen ginn weider Zebrasträifen ugepasst

Weiderhin ginn beachtlech Montanten an de Stroossebau wéi och an d’Erneierung vun de Reseauen investéiert.

Esou stinn z.B. zu Fenteng  d’Rue Pierre Anen an "Op der Hobuch", um Houwald d‘Rue Eugène Welter, zu Izeg d’Rue des Prés an d’Rue Jean-Pierre Lanter wéi och d’Reseauen an der Rue de Syren zu Alzeng um Programm.

Eier de Projet op der Place Jomé an Ugrëff geholl ka ginn, gëtt dat nächst Joer tëschent der Crèche Jangeli an der Allée de la Jeunesse Sacrifiée de Bâtiment mixte an Ugreff geholl. Hei entstinn 167 iwwerdeckte Parkplazen, verschidde Surface Commercialen déi ënner anerem fir d’Post an d’Spuerkees sinn wéi och 20 Wunnengen. Fir dës wichteg Zwëschenetappe wat den Amenagement vum “Centre pour Hesperange” ugeet sinn fir dat d’nächst Joer 1,6 Milliounen ageschriwwen. De Budget fir dat ganzt Gebai beleeft sech op ronn 30,5 Milliounen.

Wichteg ass et fir weiderhin d’Dépensen am Ordinairen Beräich nët aus dem Bléck ze verléieren. Nëmmen doduerch dat déi eenzel Depensen am analytesche Konteplang no deenen selwechten Richtlinnen op déi definéiert Artikelen verbucht ginn, ass et méiglech e Verglach iwwert d'Joren ze maachen. Esou kënnen Depensen déi aus dem Rudder lafen, wéi z.B. den Energieverbrauch vun engem Gebai séier lokaliséiert ginn.

Déi proposéiert Depensen am Service ordinaire leien op enger Linn mat deenen aus de leschte Joren. De Budget fir d’Joer 2025 ass domat déi logesch Suite vum Bestriewen Dépenses ordinaires am Grëff ze halen. Déi lafend Käschten, fir den Ënnerhalt awer och fir dat néidegt Personal fir ons Infrastrukturen all Dag ze bedreiwen rsp. den Entretien ze garantéieren, mussen weider am Aen gehalen ginn besonnesch wann néi Infrastrukturen a weider Aufgaben dobäi kommen.

Dank enger riguroser Kontroll vun den Depensen am ordinairen Beräich kënnen déi néideg Depensen am extraordinäre Beräich fir sënnvoll an Nohalteg Investissementer ganz héich gehale ginn.

Et wäert ëmmer méi wichteg ginn fir déi, zur Verfügung stoend Mëttelen optimal an och nohalteg anzesetzen ouni d’Zukunft ze hypothekéieren. De Plan pluriannuel fir d’Joren 2026 bis 2029 ass e wichtegt Instrument fir den Investitiounsprogrammer à court an à moyen Terme kloer ze definéieren.

Wéi an der Vergaangenheet ginn sech ons Gemengeverantwortlech mat dësem Budget d’Moyenen déi zukünfteg Erausfuerderungen ze meeschteren, fir dat et an der Gemeng Hesper ëmmer weider geet. Den Awunner kënnen esou an alle Beräicher déi néideg

Infrastrukturen bereet gestallt fir dat jiddereen, an dat queesch duerch all Alters- an Sozial Schichten sech zu Hesper wuel an doheem fillt.

Als Ofschloss wëll ech hei awer och dem Gemengepersonal fir hier ganz gutt Aarbecht Merci soen. Et sinn sie déi den deeglechen Service vun der Gemeng fir ons Bierger garantéieren an et fäerdeg bréngen déi héich Unzuel un komplexen a grousse Projet esouwuel um finanziellen, administrativen wéi och am techneschen Beräich ze begleeden respektiv ëmzesetzen.